

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. August 2020


Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premier- an den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

Am Dossier 5G kënt et Dag fir Dag zu neien Entwécklungen a neie Publikatiounen Fir méiglechst vill Kloerheet ze kréien, wéilt ech dës Froen un d'Regierung riichten:

1. Ass d'Lëtzebuerger Regierung mat där amerikanescher Aschätzung d'accord, dass eng Gefor fir déi national Sécherheet an d'Sécherheet vun eisen Alliéierte kéint bestoen, wa systemrelevant Kommunikatiounssystemer mat Komponente vu chineschen Produzenten (a besonnesch Huawei) ekippéiert géifen?
2. Ass d'Regierung d'accord fir ze soen, dass d'Verantwortung vun den Operateuren, wat Sécherheet ugeet, op deenen hir Clienten beschränkt ass, mee dass a Froen vun der Sécherheet am Bezuch op extern militäresch, geheimdéngschtlech oder terroristesch Menacen wéi Computerattacken, Viren an Hacking, Spionage, an esou virun, d'Verantwortung primär bei der Regierung läit? Wéi eng Recommandatiounen gëtt d'Regierung an dësem Kontext den Operateuren? Wéi eng sécherheitsrelevant Bedingungen muss en Opérateur zu Lëtzebuerg erfëllen? Goufe sécherheitsrelevant Conditione fir d'Stee vu Frequenze gesat?
3. Am *Lëtzebuerger Land* vum Freideg, dem 14. August, steet, dass d'Post a leschter Minutt eng Commande vu 5G-Technologie bei engem chinesesche Fournisseur ofgesot hätt. Sollt dës Informatioun stëmmen, huet d'Regierung direkt oder indirekt op dës Entscheidung Afloss geholl?
4. Ass d'Regierung mëttel- bis laangfristeg gewëllt, zu Lëtzebuerg 5G flächendeckend anzeféieren? Bedeit dat, dass déi aktuell Handynormen (bis 4G) als Offer hei am Land kéinte verschwannen? Bedeit dat, dass de flächendeckenden Ausbau vum Glasfasernetz net méi Prioritéit huet oder esouguer net méi ugestriewt ass? Oder garantéiert d'Regierung och bis laang an d'Zukunft Alternativen zu 5G - wéi den aktuelle 4G an e flächendeckend Glasfasernetz?
5. Brauchen déi 5G-Pläng, déi aktuell zu Lëtzebuerg envisagéiert sinn, Satellitenënnerstëtzung?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten